**Cercle des Anciens de la Garde Grand-Ducale a.s.b.l.**

Secrétaire : NILLES Fernand
Tél : 26 43 04 51
Tél : 621 50 44 10

8, rue Munchen Tesch
L-2173 Luxembourg
CCPL LU80 1111 1265 8294 0000

**Réf. : FN/14/2025/35-C.A.** **Letzebuerg, den 18 November 2025**

**<u>Betröfft</u> : 31ten Trip-Souvenir « Night Vigil » (Nuetswach) um Emplacement vun der Cie B/60 AIB Stékaul.**

Léiw Memberen a Frönn vun der grousser Famill « Garde »

Schon erem ass e Joer vergangen, geschwönn zitt de Wanter iwer Bierg an Dall; d'Errennerung ass a muss bléiwen, dat virum 81 Joer, den 16. Dezember 1944. Rundstedoffensif ugefangen huet, esou eppes dâerf net méi firkommen.

**1.- Wien ass invitéert?**
All Member vum CAGGD, Fraen, Frönn asw; et muss een net Member sin fir sech op desem Trip ze bedelegen.

**2.- Wéini a wou ass et ?**
Rendez-vous ass det Joer, Samschdes, den 13 Dezember 2025 mueres um 09.00 Auer zou Befort bei der Kirch.

**3.- Wat ass um Menu?**
Iebesse-Bulli / Kaffi an Taart zum Prais vun 30 €uros.
D'Iessen gett geliewert aus der Kichen vun onser Armée.

**4.- Als Gedrenks hu mir ?**
Béier – Rouden – Rosé an waissen Wain an Crémant - Cola – Vittel – Limo – Jus d'orange - Apéritif an Digestif.

**5.- Wien zélébréiert Mass?**
Den Här Lt Col Wenner Nicolas, Aumonier vun der Armée, an der Kirch vun Befort.
(09.30 Auer) énnerstetz vun der Chorale Ste Cécile vun Befort.

**6.- Vin d'Honneur ?**
De Vin d'honneur gett vun der Gemeng Befort bénévol offréiert. (10.30 Auer)

**7.- Wat ass ze bezuelen ?**
30 €uros. Praisser fir Gedrenks an Iessen sin social gehaalen.

**Als Umeldung zielt iewerwaissen vun 30.- Euro op den:**
**CCPL : LU80 1111 1265 8294 0000**
Vum C.A.G.G.-D Letzebuerg
Mat der Vermierkung 31ten Trip-Souvenir "Night Vigil"
**Leschten Termain ass Meindes 09 Dezember 2025** >>>>>>





**8.- Et bedélege sech :**
Gemengenautoritéiten vun Befort, Frönn vun den Amerikaner, CVM Stésel, Quadriga, Duerfleit an den C.A.G.G.-D (d'Garde)

**Hei dann de Programm**

**09.00** Auer Rassemblement bei der Kirch zou Befort.

**09.15** Auer Usproch vum Här Buergemeschter NOSBUSCH Jean-Luc vun Befort.

**09.20** Auer Blummen nidderléen bei der Tafel vun der G.I. un der Kirchemauer vun enger Délégatioun vum C.A.G.G.D., uschléissend Spillt, de Faber Edmond Onsen Trompettist "The Last Post – The Star Spangled Banner" (U.S. Hymne) an d'Hémecht.

**09.25** Auer Blummen nidderléien um Monument aux Morts vun der Gemeng Befort fir d'Verstruerwen aus dem 2ten Weltkrich. (Kazettler – Prisonnéier – Zwangsrekrutéiert asw) vun dem Här NOSBUSCH Jean-Luc, verbonnen mat der Sonnerie aux Morts gespillt vum Frönd Faber Edmond.
Als Ofschloss bei dénen zwéi Monumenter spillt onse Frönd Faber Edmond „Stille Nacht".

**09.30** Auer Mass an der KIRCH ZOU Befort, zelebréiert vum Här Aumonier Wenner Nicolas ennerstetzt vun der Chorale Ste-Cécile vun Befort fir all Verstuerwen aus der Gemeng Befort an fir all gefaalen Amerikaner déi hiert Liewen hirgin hun fir dass mir ons Fraihét erum kruten.

**10.15** Auer Blummen nidderléen bei der Kraizer vun de G.I. beim Kummelsbau (C.C), da spillt onse Frönd Faber Edmond „The Last Post – The Star of Spangled Banner" an d'Hémecht. Als Ofschloss "Stille Nacht". Glaich duerno Blummen niederléen bai der Stéle vum T/Sgt Bob Hebert. (Schéidbierg)

**10.30** Auer wou Gemeng ons de Vin d'honneur bénévol offréiert.

**12.30** Auer Mettegiessen zerweiert vum Personal Garde, fir lessen an Drenken ass beschtens gesuecht.
Nomm iessen brauch kén direkt hém ze goen, mir können dann nach e puer gemittlecher Stonnen zesummen verbrengen. Alles Spillt sech am Kummelsbau vun Befort of.

Brengt alleguer gutt Laun matt, dass desen Daag vun der Famill „Garde" a gudder errennerung bleiwt, an dass mir ons können op den 32ten Trip-Souvenir fréien um Emplacement vun der Cie C (Schédbierg).

Vill Fréd an Amusement wönscht lech elo schon de Conseil d'Administration.

Fir de Conseil d'Administration ennerzéchnen,

**Nilles Fernand**
**Präsident/Sekretär**

**N.B. : Adequat Klédung an Schong undoen.**
**Tenue : Smoke an de Beret, fir déjeneg déi eng hun, soss all déi Aner warm undoen.**
**Fir an de Kummelsbau (C.C) ze fueren ass een fléchage mat Night Vigil/CAGGD gezéchent.**
**Mir brauchen all ons Leit vir do un ons Befreier ze denken an datt no 81 Jöer, hei beweise mir nach eng kéier, dass mir d'Amerikaner net vergiess hun.**
**Ons Frönn vun der Quadriga an C.V.M. Stésel présentéieren ons de Charroie aus dem 2ten Weltkrich, d'Garde ass dess kéier vum 12ten op de 13ten Dezember um Emplacement vun der Cie B/ Stékaul fir Wuecht ze haalen. Loost w.e.g. de Comité net eleng do stoen.**
**Mir soen lech elo schons merci.**